# RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 1/3 – 2022



RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

# SOMMAIRE

## PRÉFACE



## GEMENG


Extrait du registre aux délibérations 05
E puer Andréck 12
Straussfeier 13
Interview - Gemengepersonal 14
Depart Alain Denelle 14
JSKU 15
Maison Relais 16
100. Ausgab Gemengenzeitung 18
Visitt vum Back Office vun Autisme Luxembourg a.s.b.l. 22
Ëmwelt, Sécherheets an Feldwee – Kommissioun 23


## DUERFLIEWEN


Eng Useldengerin an der Jury vum „Kindermedienfestival Goldener Spatz“ zu Erfurt 24
Senioreforum 25
Éischt Kommioun 26
100. Gebuertsdag 27
Léiwer Herrgottsblieschen 28






## VERÄINSLIEWEN


Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng 29
Duerffrënn Schandel 30
Harmonie Useldeng 31
Club des Jeunes Useldeng 32
Kierch am Duerf 33
Groupe Spéléologique de l'Attert 36
F.C. Jeunesse Useldeng 37
Indiaca Nethoppers Useldeng 39


## GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG


De René FRISCH vun Uselding: villsäitege Kënschtler a verdéngschtvolle Matbierger 41


## DE GRÉNGEN ECK


Klimateam News 48
SICONA a installé son 500e étang! 51


## AM KANTON


Kooperation für den Trinkwasserschutz 54
Offres d'emploi 55


## D'REZEPT VUN DER BOMI


Médaillon de veau, tagliatelles et ratatouille printanière 57


## AGENDA

Wann Dir Loscht hutt, fir beim „Ripevusch“ matzeschaffen oder een Artikel oofzeliwweren, kënnt Dir lech per E-mail mellen: communication@useldeng.lu
Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.uselde ng.lu

**Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2022 ass den 8.08.2022!**


Coverfoto: Maison Relais
Correctures: Merci dem Gaby Pavant
Mise en page: a | part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 880 exemplaires

# Opbrochstëmmung



Mir hunn eis Fräiheeten erëm an hunn trotzdeem nach de Corona am Genéck sëtzen.

Et heescht also weider wachsam ze sinn an déi Zuelen, déi ech vun der Santé wëchentlich matgedeelt kréien, bestätegen, dass de Virus nach ëmmer do ass.

Mee déi meescht vun eis ginn - virun allem wéinst der Impfung -, Gott sei Dank net méi sou uerg krank a mir kënnen nëmmen hoffen, dass mer nit am Hierscht erëm allze negativ iwwerrascht ginn!

Méi ze schafe mécht eis de Moment dee schreckleche Krich an der Ukrain, wou de Russepresident Putin weiderhin d'Bevëlkerung an d'Zivilisten terroriséiert a leider virun näischt méi zréckschreckt.

Grujelisch Biller ginn eis aus deem Land an eis Haiser geliwwert an och aus eiser Gemeng sinn Hëllefsgidder via d'Gemeng Säll a Privatpersoune fortgeschéckt ginn.

Mir haten d'Vermëttlerroll tëschent dem ONA (Office national de l'Accueil) an engem Privatmann iwwerholl, fir Flüchtlingen an eiser Gemeng an enger geplangter Opfaangstruktur ze logéieren, mee do si mer leider ausgebremst ginn, mam Argument dass déi Struktur vu 7 Zëmmer leider ze kleng wier ...

Ëmmerhin hätten hei 14 Leit, zumindest temporär, hire Misär vergiesse kënnen Et bléift allerdéngs nach d' Méiglechkeet dass aner Träger sech mam Proprietaire vum Gebai kéinten eegenen.

An eiser Gemeng dréint alles ganz normal an eis Veräiner konnte mol endlech erëm hir Generalversammlungen a physischer Presenz ofhalen.

Eise Ripevusch huet iwwer 100 Editiounen hanneru sich an de Georges Majerus huet duerch vill Recherchen de Wee vun eiser Lokalzeitung akribisch an dëser Oplo nogezeechent.

Hien ass iwwregens an der Zwëschenzäit an d'Roll vum richtege Lokalhistoriker eragewuess an huet bis elo schonn en Ettliches iwwert d'Entwécklung vun eiser Gemeng zesummegedroen.

Him ee ganz grousse Merci!

Deem virun 20 Joer op tragesch Aart a Weis ëm d'Liewe gekommene Professer René Frisch, deen duerch säi Buch - Useldingen, ein Dorf stellt sich vor - an ënner anerem och duerch d'Molereien an der Kierch sich veréiwegt huet, huet d'Ginette Niehrenhausen ee schéinen an interessanten Artikel gewidmet.

Leider hu mer och schonns an dësem dach nach kuerze Joer gutt a verdéngschtvoll Bierger zu Graf missten droen, mee dat ass nun emol de Laf vun der Zäit ...

Op eise ville Chantiere komme mer verhältnisméisseg gutt virun a leien och méi oder wéineger am Timing.

Am Mäerz konnte mer eng al Traditioun, d' Straussfeier mat den Architekten, Ingenieuren, Handwierker an dem Entrepreneur vun eiser neier Schoul feieren. Mir waren de Backoffice vun den Autisten an eiser ëmgebauter Schoul besichen, hu mat ville Fräiwëlleger, der Ëmweltkommissioun an de Veräiner d'grouss Botz laanscht eis Weeër gemeet a kruten een neie Mataarbechter fir de Schoulkomplex an der Persoun vum Jérôme Heirendt.

Zwee Drëttel vun den Haushälter si schonns mat deenen neien intelligente Waasserzähler ekipéiert a bei deem engen oder deem anere konnte mer gutt „Tuyauen" weiderginn, fir de Waasserverbrauch ze reduzéieren.

Et freet eis besonnesch, dass déi schéin nei Spillplazen zu

Useldeng an zu Schandel vill Uklang fannen an och zu Iewerleng, wou jo lo de Projet Schweitzerhaff fäerdeg ass, sinn nei Spiller a Planung.

Bleift nach Rippweiler, wou mer leider kee groussen Terrain hunn!

D' Foussgängerbréck zu Iewerleng dierft nach viru Päischten op sinn, soudass mer och do der Weiderentwécklung vu schéinen Tréppelweeër gerecht ginn.

Et deet sech also weider villes an eiser Gemeng an d'Harmonie am Schäffen- a Gemengerot kéint net besser sinn.

Léif Leit,

Am Zesummenhang mam Ukrainkrich muss ech nach zum Schluss folgend Zitat vum fréiere Generol a President vun Amerika Dwight D. Eisenhower lassginn:

All Kanoun, déi gebaut gëtt, all Krichsschëff wat vum Stapel gelooss gëtt, all afgefeiert Rakéit … bedeit schlussendlech een Déifstall un deenen, déi hongereg an näischt ze iesse kréien an un deenen, déi fréieren a keng Kleedung hunn.

Eng Welt ënner Waffe verpolvert net nëmme Geld eleng. Si verpolvert de Schweess vun hiren Aarbechter, de Geescht vun hire Wëssenschaftler an d'Hoffnung vun hire Kanner!

Besser kann een, a mengen Aen d'Aktualitéit vun elo am Oste vun Europa nit eriwwerginn …

Am Numm vum Personal an dem Schäffen- a Gemengerot wënschen ech schéin, sonneg an zefridde Päischtdeeg, verbonne mam Wonsch, dass Der all gesond a monter bleift an dass dee fuerchtbare Krich endlech een Enn kritt!

*Äre Buergermeeschter*

Pollo Bodem





# Extrait du registre aux délibérations

## du conseil communal de la commune d’Useldange

## Séance du 10 décembre 2021

### Approbation de divers décomptes

- Installation d’un abri dans le cimetière d’Everlange
  **106.772,37 €**
- Remise en état du chemin vicinal d’Everlange “Bourewee”
  **60.140,35 €**
- Rénovation du centre sportif d’Useldange
  Une subvention à hauteur de 25 % des dépenses éligibles a été accordée par le Ministère des Sports, ce qui représente un montant de 75.500 €.
  **289.649,93 €**
- Mise en place d’une installation électrique dans le réservoir d’eau d’Everlange.
  La DEA rembourse une partie des coûts **72.367,32 €**.
- Rénovations dans le Centre Culturel de Rippweiler
  **44.955,53 €**

Chaque membre du conseil communal a été d’accord avec les décomptes ci-dessus.

### Déclaration d’adhérence Naturpakt

Le conseil communal a voté à l’unanimité la nouvelle convention avec SICONA-Centre. Ceci est un concept similaire au projet «Klimapakt». Cette convention valorise également ce qui a été fait ces dernières 10 années en termes de conservation de la nature. Le but est de créer plus de biodiversité dans les communes. En plus du climat, ceci permettra aux communes de s’engager également au niveau de la protection de la nature.

Les communes participantes sont honorées par des primes.

### Approbation du programme d’action Sicona 2022

Le conseil communal décide, à l’unanimité, d’approuver, avec un montant de 64.600€ à charge du budget communal 2022, le programme d’action annuel pour l’année 2022 du syndicat intercommunal Sicona.

### Approbation du budget rectifié 2021 et du budget 2022 de l’Office social de Redange

L’office social de Rédange a prévu d’aménager un deuxième voire un troisième logement d’urgence. Certaines conditions de logements (Cafészëmmer) dans le canton de Rédange ne sont pas supportables. Il est donc essentiel de faire plus de contrôles en 2022.

Le conseil communal a voté à l’unanimité le budget rectifié 2021 et le budget 2022.

### Fixation des subsides revenant à diverses associations pour l’année 2022

Le conseil communal a accepté à l’unanimité les demandes de subsides suivantes:

- APEM: 50€
- Fondation Alzeimer: 50€
- ECPAT: 50€
- Fondation Autisme: 150€
- Scouts Grosbous: 250€
- Fondation Hëllef fir d’Natur: 125€
- Protection des Animaux: 250€
- Association des châteaux: 500€
- Nordlicht TV: 750€

Un subside extraordinaire de 800€ a été accordé à l’Harmonie Useldeng pour soutenir leur projet de digitalisation.

La demande de l’a.s.b.l. Chat Suffit n’a pas été accordée car la demande n’était pas conforme.

### Actes et conventions

Le conseil communal approuve à l’unanimité huit actes notariaux.

La convention avec Youth & Work a été prolongée. Ceci représente une charge de 5000€ pour la commune.

Le conseil communal a également décidé de vouloir adhérer la commune au nouveau « Pacte Logement 2.0 ».

### Titres de recettes

Le conseil communal décide d'approuver les titres de recette de l'exercice 2021.

### Demande de morcellement

Le conseil communal approuve un projet de morcellement de terrains à Useldange.

### Divers

Diverses rénovations ont été faites dans le Centre Culturel d’Everlange.

# Séance du 17 décembre 2021

## Vote du budget rectifié 2021 et du budget 2022

| BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2021<br>MONTANTS VOTÉS PAR LE CONSEIL COMMUNAL | | |
|---|---|---|
| | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
| Total des recettes | 8 962 598, 62 € | 3 108 769, 88 € |
| Total des dépenses | 6 733 245, 71 € | 4 089 258,89 € |
| Boni propre à l'exercice | 2 229 352,91 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 980 489,01 € |
| Boni du compte 2020 | 4 244 755,70 € | |
| Mali du compte 2020 | | |
| Boni général | 6 474 108,61 € | |
| Mali général | | 980 489.01 € |
| Transfer de l'ordinaire à l'extraordinaire | -980 489,01 € | +980 489,01€ |
| Boni présumé fin 2021 | 5 493 619.60 € | |
| Mali présumé fin 2021 | | |

| TABLEAU RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2022 | | |
|---|---|---|
| | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
| Total des recettes | 9 301 879.49 € | 4 132 917,41 € |
| Total des dépenses | 7 774 428,29 € | 10 058 236,83 € |
| Boni propre à l'exercice | 1 527 469,20 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 5 925 319,42 € |
| Boni présumé fin 2021 | 5 493 619,60 € | |
| Mali présumé fin 2021 | | |
| Boni général | 7 021 088,80 € | |
| Mali général | | 5 925 319,42 € |
| Transfer de l'ordinaire à l'extraordinaire | - | + 5 925 319,42 € |
| Boni définitif | 1 095 769,38 € | |
| Mali définitif | | |

| Dépenses extraordinaires 2022 | |
|---|---|
| Extension de l'école | 6.000.000 € |
| Digitalisation | 180.000 € |
| Rénovation « Maison Dieschbourg » (ManuKultura) | 130.000 € |
| Projet | |
| « Rent a Bike » | 550.000 € |
| Bâtiment multifonctionnel pour associations | 450.000 € |

## Convention entre le Fond de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique et la Commune d'Useldange

La convention a été discuté par le conseil communal. L'église de Schandel et de Rippweiler ont été visitées par le conseil communal, avant la séance.

## Divers

Convention entre le syndicat intercommunal SICONA et la Commune d'Useldange.

Un conseiller de SICONA va soutenir la commune pour mettre en place le nouveau «Pacte Nature». À savoir que cette personne sera chargée de supporter la commune afin de réaliser le catalogue de mesures, de préparer le dossier pour obtenir une certification et coopérer au niveau régional, national comme international.

Le conseil communal décide à l'unanimité de signer cette convention.

# Séance du 4 février 2022

### Modification de deux postes d'éducateur-(trice) à durée indéterminée pour la Maison Relais

Dans sa séance du 4 février, le conseil communal a voté en faveur d'une augmentation de la tâche des postes d'éducateurs diplômés.

Le poste vacant de 50 % a été augmenté à 75 %. Un autre poste, qui était jusqu'à présent occupé à 50 % a été augmenté à 61.5 %.

### Décision concernant l'engagement d'étudiants pour l'année 2022

Le conseil communal décide à l'unanimité d'engager des étudiants pendant les vacances d'été.

Chaque étudiant devra résider dans la commune et avoir au moins 16 ans et au plus 18 ans accomplis au moment de son engagement.

Une dérogation d'âge dépassant les 18 ans pourra être accordée aux étudiants ayant opté pour un travail à la Maison Relais d'Useldange.

### Mise à jour du plan pluriannuel financier (PPF)

Le Conseil communal prend connaissance du plan pluriannuel de financement pour les années 2020 à 2025 conformément aux dispositions réglementaires en vigueur.

### Vote des nouveaux statuts du syndicat "Réidener Schwemm"

Le conseil communal approuve les nouveaux statuts de la "Réidener Schwämm" tels qu'ils ont été proposés par le bureau du syndicat. Avec les nouveaux status, le nom change et sera dorénavant dénommé "Réidener Schwämm".

Le droit de propriété entre la Commune de Rédange et le sydicat intercommunal a clairement été défini dans les nouveaux statuts. Le capital a été augmenté de 9.3 millions d'Euros pour assurer un aménagement supplémentaire de la piscine.

### Approbation du devis du renouvellement du pare-ballon côté aire de jeux sur le terrain de football

Le devis concernant un renouvellement de pare-ballon sur le terrain de football a été accordé par le conseil communal. Celui-ci s'élève à 50.000€.

Le nouveau pare-ballon nous permet d'avoir plus de sécurité côté aire de jeux et les mâts vont devenir plus haut et plus solide pour résister aux orages

### Actes et conventions

- Convention avec le Fond de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
  Le conseil communal décide avec 8 voix favorables d'approuver la convention conclue entre le Fond de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique et la Commune d'Useldange.
  Les frais de fonctionnement et les menus-ouvrages vont être pris en charge par le fond.
  Les grandes réparations vont être prises en charge par la Commune.
- Convention avec le Fond de Logement
  Suite au nouveau PAP, le conseil communal a alloué à l'unanimité la nouvelle convention entre le Fond du Logement et la Commune d'Useldange.
- Convention avec l'entreprise Péitche Lauer S.A.
  Le conseil communal a également approuvé la modification de la convention entre l'entreprise Péitche Lauer S.A. et la Commune d'Useldange qui prévoit une augmentation des avances des charges.

### Droit de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas acquérir un terrain de 10.4 are dans la rue de la gare à Useldange.

### Titres de recette

Le conseil communal décide d'approuver les différents titres de recette dont l'accueil à la Maison Relais, les repas sur roue, différents loyers et la vente de titres « Night Rider ».

### Vote d'un apport en capital DEA

Le conseil communal alloue à l'unanimité, un apport en capital de 25.000 € à la DEA.

### Vote d'un subside extraordinaire pour le Club des Jeunes Useldange

Un subside extraordinaire à hauteur de 3000 € a été unanimement alloué au Club des Jeunes Useldange pour soutenir l'achat de vêtements personnalisés (t-shirt, bonnet, Hoodie, Softshell) .

### Prolongation du délai d'acceptation des demandes d'allocations de solidarité

Le conseil communal décide à l'unanimité de prolonger le délai d'acceptation jusqu'au 31 mars 2022.

### Vote et discussion concernant un crédit supplémentaire pour le "Réidener Jugendtreff"

Le conseil communal a voté a l'unanimité de verser une cotisation à hauteur de 14.000€ au Réidener Jugendtreff.

Suite à une erreur matérielle de la part du Réidener Jugendtreff la cotisation a dû être révisée et augmentée de 7000€. Ce solde sera versé après l'approbation du budget rectifié.

## Séance du 1er avril 2022

GEMENG

### Information sur la situation des réfugiés ukrainiens-impact pour Useldange

Le conseil communal prend connaissance que la commune d'Useldange fait preuve de solidarité avec le peuple ukrainien.

La commune a fait le nécessaire pour pouvoir accueillir des réfugiés de l'Ukraine dans la rue de Boevange.

Une « cellule Ukraine » a été créée à Redange pour faciliter l'inclusion scolaire des enfants du cycle 2-4. Les enfants plus âgés vont être accueillis dans les écoles internationales qui ont une convention avec l'État.

L'école primaire d'Useldange a participé à l'appel à l'aide de la commune de Saeul en récoltant des vêtements au profit des réfugiés ukrainiens.

Madame Goedert-Ptashnyk Iryna originaire de l'Ukraine, qui habite à Schandel a également lancé un appel à l'aide.

Les bénéficiaires de la protection temporaire ont immédiatement le droit de travailler.

### Approbation de la convention collective SAS 2021-2023 pour le personnel de la Maison Relais de la commune d'Useldange

Le conseil communal donne son approbation concernant la convention collective SAS 2021-2023. Un avenant va être établi conformément aux dispositions réglementaires en vigueur.

### Recrutement de personnel dans la Maison Relais

Dans sa séance du 1er avril, le conseil communal a voté en faveur d'une création de deux postes à durée indéterminée sous le champ d'application de la CCT SAS pour le besoin de la Maison Relais.

### Fixation de l'impôt foncier 2023

Le conseil communal décide à l'unanimité que l'impôt foncier reste inchangé pour l'année 2023.

- Impôt foncier applicable aux maisons unifamiliales et aux maisons de rapport: 200%
- Impôt foncier applicable aux constructions commerciales: 600 %
- Impôt foncier applicable aux terrains à bâtir à des fins d'habitation: 400%

### Fixation de l'impôt commercial 2023

L'impôt commercial reste également inchangé pour l'année 2023. Le conseil communal décide avec 7 voix de fixer le taux à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2023 à 275%.








### Vote du devis et du projet Rent a slow Bike Useldange

Dans le cadre du projet «Slow Mobilitéit am Westen», le conseil communal approuve le devis et l'exploitation d'une structure «Rent a Slow Bike». Étant donné que la commune ne dispose pas d'un bâtiment adapté pour ce projet, il est prévu d'installer un nouveau bâtiment modulaire de 180m2 sur le terrain de la commune, près du canon à Useldange. Il est prévu de louer le bâtiment à un opérateur externe qui va exploiter ce projet.

Le montant total relatif à ce projet s'élève à 545.000€. Une participation étatique au projet de 50% a été mise en expectative.

### Vote du devis et du projet Maison Dieschbourg : Renouvellement menuiserie extérieure

Le conseil communal décide à l'unanimité de rénover la menuiserie extérieure de la Maison Dieschbourg, mieux connu sous le nom "ManuKultura". Les dépenses s'élèvent à 120.842€ .

### Vote du devis et du projet hall sportif : rideau de séparation

Le devis concernant un rideau de séparation dans le hall sportif a été accordé par le conseil communal. Celui-ci s'élève à 45.000€.

Le hall sportif sera donc divisible en deux unités. (1/3 & 2/3)

### Vote du devis, du projet et d'un crédit supplémentaire : Raccordement (électrique & télécommunication) : réservoir d'eau à Useldange

Le conseil communal vote avec 7 voix favorables pour la mise en place d'une installation électrique et télécommunication dans le réservoir d'eau à Useldange. Le montant des travaux s'élève à 117.000€. 20.000€ étaient prévus dans le budget, le conseil alloue donc un crédit supplémentaire de 97.000€.

### Vote du devis, du projet: Vestiaires FC - Contrôle d'accès & armatures

Le conseil communal alloue à l'unanimité, la rénovation des vestiaires dont le remplacement des serrures pour contrôler l'accès et le changement des armatures. Les coûts s'élèvent à 32.000€.

### Aménagement d'un chemin piétonnier entre le terrain de football et le centre d'Useldange phase 1.

Il est prévu d'aménager un chemin piéton entre le terrain de foot et le centre d'Useldange. La phase 1 prévoit l'aménagement du chemin sur le terrain appartenant à la commune. Ce chemin a une longueur de 220m et une largeur de 2m. Il sera réalisé avec un revêtement drainant type "Terraway". Une prairie fleurie de 750m2 va également être aménagée. Les dépenses pour ce projet s'élèvent à 80.000€.





### Actes et conventions

- Acte entre la commune d'Useldange et les dames Frantzen L et Peusch L.
  Le conseil communal a approuvé l'acte de vente entre les deux parties
- Convention avec SICONA concernant l'entretien des arbres fruitiers à Schandel
  Le conseil communal décide avec 7 voix favorables d'approuver la convention conclue entre SICONA, Monsieur Wagner-Barthelemy et la Commune d'Useldange.

### Confirmation de plusieurs règlements de circulation temporaire

Le conseil communal vote à l'unanimité pour ces 3 règlements de circulation temporaire:

- 20.04-22.04: Renouvellement du tapis (phase 2 des travaux de la nouvelle cité Helpersbierg)
- 11.06 & 12.06: Fermeture temporaire du "Duerfwee" pour cause de la kermesse de Schandel:
- 11.06 & 12.06: Règlement de sens unique temporaire à Useldange pour cause de la fête médiéval Useldange

### Approbation d'un projet de morcellement rue de la Gare/ rue de Buschdorf

Le conseil communal approuve un projet de morcellement de terrains à Useldange.

### Vote de divers crédits spéciaux

Deux crédits spéciaux ont été votés à l'unanimité par le conseil communal:

- Visit Guttland: Balisage Mamerdalltour & Castle-Tour (205.32€)
- Différents actes notariaux (6000€)

### Vote d'un crédit supplémentaire

Dans sa séance du 4 février, un subside extraordinaire a été accordé au Club des Jeunes Useldange afin d'acquérir de nouveaux vêtements pour leurs membres. Étant donné que ceci n'était pas prévu dans le budget, le conseil communal alloue un crédit supplémentaire de 3000€ au budget ordinaire de l'exercice 2022.

### Approbation d'un règlement taxe concernant l'utilisation du hall sportif

À l'unanimité des voix, les membres du conseil communal adoptent un règlement-taxe pour la mise à disposition du hall sportif d'Useldange.

Le hall sportif pourra être mis à disposition aux centres résidentiels, organisations diverses et sociétés commerciales ayant leur siège dans la commune d'Useldange, moyennant le paiement d'une taxe de 50€/heure à la recette communale.

### Titres de recettes

Le conseil communal décide d'approuver les différents titres de recettes présentés par le bourgmestre.


### Divers


Suite à plusieurs incidents, le panneau d'indicateur de vitesse va à nouveau être installé à l'entrée du village d'Éverlange. La commune va ainsi exploiter les données pour pouvoir entreprendre des mesures adaptées.

# SMART WATER

## DIGITALE WAASSERZIELER AN DER GEMENG

### WAT BRENGT DAT DER GEMENG AN SENGE BIERGER?





Zäitno Detektioun & Kommunicatioun vu klengen a grousse Fuitten z.B. Toilettenfuitten, ondicht Krinn, Rouerbroch,...




De genauen Waasserverbrauch pro Dag a Stot




Gesamtwaasserverbrauch vum Stot säit der Installatioun vum Compteur

- Bewosst mat eiser wichtegster Ressource ëmgoen
- Sech senger Consommatioun bewosst ginn
- D'Problemer direkt erkennen a léisen
- Seng Ausgabe reduzéieren: Eng Fuitte vun enger Toilette kann am Joer méi wéi 160€ kaschten
- Et kennt kee méi d'Waasser bei iech opschreiwen
- Manner zäitopwänneg fir eis d'Personal
- Wann dir plënnert kënne mir de genaue Stand direkt verrechnen
- Den digitale Compteur funktionéiert iwwert een OG Reseau wat engem Funksignal vun engem Autosschlëssel entsprécht
- Am Fall wou dir länger Zäit net Doheem wiert, kënnt dir der Gemeng eng Persoun uginn, déi op Är Fuitten opmirksam gemaach gëtt

# E puer Andréck



vum Chantier vun der Erweiderung vun der Schoul



vun der Bréck zu Iewerleng



vun den Anlagen zu Iewerleng



vum Fussballsterrain

# Straussfeier vum neie Schoulgebai

Am Mee 2021 gouf de Chantier vun eisem neie Schoulgebai offiziell lancéiert. De 4. Mäerz hunn déi Gemengeverantwortlech déi zoustänneg Entreprisen (Romain Hoffmann architectes et urbanistes s.à r.l., Bureau d'études Schroeder & Associés, Goblet Lavandier & Associés Ingénieurs-Conseils S.A., Rinnen Constructions) op eng Straussfeier invitéiert. Domat ass de Réibau komplett ofgeschloss. No e puer Erklärunge vun den Architekten, gouf de Chantier besicht, fir dass all déi Leit, déi un dësem Projet schaffen, sech e Bild vum Fortschrëtt konnte maachen.

Duerno huet de Buergermeeschter sech an enger Ried un d'Aarbechter an un d'Entreprise gewannt an hinne Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Mat engem Patt a Gegrills gouf dës Straussfeier ofgeschloss.

Elo geet et viru mam Holzbau an der Holzfassad vum Gebai. Wichteg ass ze betounen, dass dëst e ganzt nohaltegt Gebai wäert gi mat der Energieklass AAA, enger Solaranlag an enger Installatioun vu Reewaassernotzung. Dës Extensioun wäert et eis erlaben, am ganzen 310 Kanner ze empfänken. Och d'Léierpersonal gouf an dësem Kader concertéiert, fir d'Gebai beschtméiglech un hir an de Kanner hir Besoinen unzepassen.











# Interview – neit Gemengepersonal Jérôme Heirendt

R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d'Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

J.H. Ech sinn de Jérôme Heirendt, hunn 29 Joer, sinn zu Useldeng opgewuess a wunnen aktuell zu Ospern. Ech hunn ee CATP (employé administratif et commercial). Meng Ausbildung hunn ech an der Klinik um Kirchbierg, an der Receptioun vum Service Psychiatrie gemaach. No mengem Ofschloss, hunn ech ee Joer um Siège an der Receptioun vun der Stëftung Hëllef Doheem geschafft. Déi lescht 8 Joer war ech op der CFL, wou ech als Zuchféierer (Schaffner) agestallt war.

Meng Aufgab bei der Gemeng wäert de Poste vum Concierge sinn.

R.R. Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengen zukünftegen Aufgaben?

J.H. Ech wollt hei op d'Gemeng schaffe kommen, well ech zu Useldeng grouss gi sinn, ech d'Gemeng kennen an ech esou och méi no vu menger Famill ka schaffen.

Ech erwaarde mir ofwiesslungsräich Aufgaben, wou all Dag kann eng aner Erausfuerderung op een duerkommen.



Jérôme Heirendt

Ech erwaarde mir ofwiesslungsräich Aufgaben, wou all Dag kann eng aner Erausfuerderung op een duerkommen.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausfuerderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d'Gemeng Useldeng?

J.H. Fir mech ass déi gréissten Erausfuerderung, dass ech elo och aner Saache maache wéi déi, déi ech a mengem Beruff virdru geléiert hunn, an dorop freeën ech mech.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

J.H. A menger Fräizäit sinn ech am FC Jeunesse Useldeng aktiv, als Comitésmember an och als Trainer vun enger Jugendekipp.

Ausserdeem spillen ech Musek an der Harmonie Useldeng.

# Depart Alain Denelle

De 14. Januar 2022 gouf den Alain Denelle traditionell op der Neijoerschfeier vun der Gemeng, a seng wuelverdéngte Pensioun verabschit.

Den 1. Januar 2004 huet hien als Gemengenaarbechter op der Useldenger Gemeng ugefaangen. No 15 Déngschtjoren, also 2019, huet hien de Poste vum Concierge an der Schoul iwwerholl an den 31.12.2021 war du säi leschte Schaffdag bei eis.

Léiwen Alain, am Numm vum Schäfferot, Gemengerot, Gemengepersonal a Léierpersonal, wënsche mir dir, vill Zäit fir fëschen ze goen, vill Rou an alles Guddes, fir dass du deng Pensioun a vollen Zich kanns genéissen. Mir soen dir Merci fir deng geleeschten Aarbecht bei eis op der Gemeng.



# JSKU – Jugend- an Sportskommissioun aus der Gemeng



## Useldeng bougéiert 2022

„Useldeng bougéiert 2022“ hat am letzten Märzwochenende mittlerweile zum 4. Mal in Rippweiler stattgefunden. Es bestand die Möglichkeit den Dorfkern Rippweiler und seinen Fahrradweg spielerisch und mit Kreidefarben zu entdecken.

Aus den eingereichten Fotos lässt sich schließen, dass die Teilnehmer/innen viel Spaß an dem Weg und dem schönen Wetter hatten. Vielen lieben Dank fürs Mitmachen und wir freuen uns auf die nächste Edition „Useldeng bougéiert“.






# Maison Relais bei de Fliedermais



E klengen **Abléck** an déi verschidden Atelier’en...

D’Kanner an d’Equipe hunn mat groussem Asaz e wichtegen Beitrag vun 750€ zur Ënnerstëtzung vum **Télévie** geleescht. E groussen Merci fir den Sponsoring un den Haff Mario Kleer.







All klengen **Kënschtler** huet seng eegen **Kreativitéit**...






an kann sech domat frei entwéckelen.

Kulturell Weiderbildung derch d’Entdeckung vun eiser **Natur an Ëmwelt**



Zesummen mat Schoulkolleegen ...




















...nëmmen déi beschten **Leckereien** zauberen.

Text :Thessy, Dally
Foto'en: Maison Relais

**Dagesausfluch** an den Beetebuerger Park





# Klenge Réckbléck op déi 100. Ausgab vun der Useldinger Duerf- a Gemengenzeitung




Mat der 2. Ausgab vum leschte Joer (2021) konnten déi responsabel Editeure vun der Useldinger Duerfzeitung, déi hautdesdaags ënnert hirem Numm « RIPEVUSCH » erauskënnt, déi 100. Ausgab presentéieren. Deemno gëtt et elo héich Zäit, fir ee klenge Réckbléck op d'Geschicht vun dësem Erfolleg ze geheien, déi viru gutt 35 Joer ugefaangen huet.

Den 29. Juni 1988, an der Sëtzung vum Useldinger Gemengerot, gouf déi éischt Kulturkommissioun an d'Liewe geruff, déi sech aus de folgende Leit zesummegesat huet:

- als Vertrieder vum Gemengerot: Even Fernand, Goedert Marielle, Harpes Edmond a Pick René
- als Vertrieder vun de 4 Sektiounen: Feynen Raymond, Merges Mariette, Nothumb Nico, Schmit Jos a Wald Roland.

Als ee vun hiren éischte Projeten huet sech d'Kulturkommissioun zum Zil gesat, eng Gemengenzeitung erauszeginn. Ouni vill journalistesch Erfarung an ouni besonnescht Ekipement, mee mat vill Idealismus huet sech dës Ekipp et dunn zur Aufgab gemaach, dräimol am Joer ee sougenannte Gemengebuet, dat heescht een Informatiounsblat iwwer all dat, wat esou am Liewe vun enger Gemeng op politischem, sozialem, sportlechem, kulturellem etc. Plang geschitt oder geschitt ass, ze berichten, ze erzielen oder awer unzekënnegen.

D'Bäiträg an d'Artikele goufen op enger klassescher Schreifmaschinn getippt an déi méi grouss Reklammstexter goufe manuell aus Kollagen zesummegeplooschtert. De sougenannte *Coverart*, d'Gestaltung vum Deckel gouf vum jonke Marianne Harpes gekonnt entworf a gezeechent. Den Deckel blouf bis déi 16. Nummer am Dezember vum Joer 1993 onverännert bestoen. Dëse Projet oder Brouillon gouf du vun der Agence *Today's Ink* vu Rippweiler a Form bruecht




*D'Nummer 1 aus dem Joer 1988*

an duerno an d'Dréckerei geschéckt. Vu grapheschem Design a Layout huet nach keen esou richteg geschwat.

Och op ee flotte Numm konnt ee sech séier eenegen: "Neies aus der Gemeng Useldeng" huet de sougenannten Nol op de Kapp getraff. Besonnesch fir d'Veräiner aus der Gemeng gouf d'Duerfzeitung ee wichtegt Hëllefsmëttel, fir hir jeeweileg Manifestatiounen ze plangen an unzekënnegen. Déi järlech Ausschaffung a Publikatioun vum Festkalenner huet vill Verdross beim Organiséieren a beim Festleeë vun Datumer verhënnert.

Am Mee 1994 huet sech dunn esou munches geännert. Déi fortlafend Numeréierung huet mat der Nummer 16 am Dezember 1993, déi scho vun der Imprimerie REKA gedréckt gouf, opgehal. Den Deckel vun der Ausgab 1/94 vu Mee 1994 gouf vum René Frisch († 2002) entworf a gezeechent. Mee och den Numm vun der Duerfzeitung huet geännert an heescht vun do un "Neiegkeeten aus der Gemeng Useldeng". Nei Memberen an der Kulturkommissioun waren dann och d'Fernande Barthelemy († 2018), de René Frisch, de Robert Kauthen an d'Jeanny Schroeder.

Am Editorial mécht de President Edmond Harpes een Opruff, fir mol ee gutt Kicherezept, e gudde Gaardentipp, ee schéint Gedicht oder eng Anekdot aus aler Zäit an all Ausgab veröffentlechen ze kënnen.

An de folgenden Nummeren hunn awer och schrëttweis aner informativ a wichteg Themen an der Duerfzeitung eng Plaz fonnt. Sou goufen d'Schoulorganisatioun, d'Deliberatioune vum Gemengeconseil, den Transport Public, Generalversammlunge vun de Veräiner, awer och Portraiten a Biografië vu verdéngte Leit aus eiser Gemeng publizéiert. De Buergermeeschter léisst et sech nit huelen, fir ëmmer méi dacks d'Wuert direkt u seng Bierger ze riichten, fir déi aktuell national oder lokal Problematiken an Ereegnesser ze kommentéieren, oder awer och fir mol Bilanz ze zéien an nei Projete virzestellen.

Dat neit Joerdausend fänkt mat enger richteg grousser Iwwerraschung un. D'Nummer 1/2000 presentéiert sech mat engem fuschneien Deckel, op deem e puer Froenzeechen dominéieren. No méi wéi 20 Joer Existenz sicht d'Kulturkommissioun een neien Numm fir hir Duerfzeitung. Ee stolze Geldpräis vu 5.000 Frang waart op de gléckleche

GEMENG

De René Frisch huet den neien Deckel entworf a gezeechent.






Froenzeechen an een neien Numm.



Gewënner oder Gewënnerin. No enger Reunioun vum 7. Määerz 2000 ass den neie President Gérard Heitz mat enger fréscher a méi grousser Ekipp ugetrueden, fir d'Zeitung fit fir dat neit Joerdausend ze maachen. Zwou Decisiounen, déi erausstiechen, sinn, datt vun dësem Zäitpunkt u keng Publicitéite méi sollen ofgedréckt ginn, an datt d'Useldinger Gemeng integral de Finanzement vun der Duerfzeitung iwwerhëlt. Am Virwuert ergräift fir d'éischte Kéier den neie Buergermeeschter, den Här Pollo Bodem, d'Wuert.

Déi folgend Ausgab (2/2000) huet du fir d'éischte Kéier houfreg den neien Numm RIPEVUSCH gedroen. Dëst ass d'Ofkierzung vun den Nimm vun deene 4 Sektiounen, **RIP**pweiler, **EV**erling, **U**selding a **SCH**andel. Dëse Virschlag gouf vun der Madame Josée Anzia-Koster vun Uselding gemaach, déi als flotte Gest hire Präis fir weider kulturell Zwecker gestëft huet.

Am Joer 2001 stierft dann den Edmond Harpes, laangjärege President vun der Kulturkommissioun, an am Mee 2002 verléisst eis de René Frisch, deem an dëser Ausgab vum Ripevusch een interessanten Noruff gewidmet ass.

D'Opmaachung vum Ripevusch gouf esou ënnert där Form bis d'Nummer 3/2005 bäibehalen. Vu Januar 2006 u gouf mat Hëllef vun der Agence *a l part*, d'Presentatioun vun der Zeitung nach mol moderniséiert a mat Oeillete (*reliure à oeillets*) versinn, déi eng adequat Archivéierung fir de motivéiert Sammler erliichtere sollen. D'Redaktiounsekipp vum Ripevusch huet sech ënnert der Leedung vum fréieren RTL-Journalist Marc Hansen vun der deemoleger Kulturkommissioun getrennt a sech selbstänneg gemaach. A sengem éischten Editorial bemierkt de Marc Hansen, datt si "*nämlech och weiderhin eng Zeitung drécke wëllen, déi bei eisen Useldinger Liewensstil passt*".

Den 2. Mäerz 2007 an der Stater Philharmonie huet eise Ripevusch vun der Jury vun de *Communication & Design Awards* ee *Silver Award* an der Kategorie Editorial Design krut. Dësen Award oder Präis belount gläichermoossen d'Agence (*a l part*), de Createur, an awer och de Client. Mee et gouf nit nëmme gutt Noriichten an dësem Joer 2007. Bei de Virbereedunge fir d'Feier vum 1. Mee zu Everling ass eise Frënd de Jos Schmit gestuerwen. De Jos, beléifte Schoulmeeschter zu Everling, huet wärend laange Joren un eiser Duerfzeitung an u villen anere Projeten aktiv matgeschafft.

Bis d'Ausgab Nummer 3 am Joer 2011 ass d'Opmaachung vum Ripevusch onverännert bäibehale ginn. Mee mat der Ausgab 1 vum Joer 2012 huet sech villes grondleeënd



Emmer aktuell – de Ripevusch am Joer 2008



Emmer no um Geescht vun der Zäit – 100 Ausgabe vun der Useldinger Gemengenzeitung

geännert: de Ripevusch ass am Zäitalter vun der Faarf ukomm! Déi éischt faarfeg Foto um Cover gouf vum Lé Gregorius gemaach. D'Schrëft ass méi grouss ginn, an och d'Opmaachung krut een neie "Look" verpasst. De Layout gëtt nach ëmmer vun a I part, an den Drock vun der Imprimerie REKA gemaach. Den Tirage beleeft sech elo op 650 Exemplairen. Och d'Jackie Weber-Messerich assuréiert nach ëmmer d'Korrekturliese vun de lëtzebuergeschen Texter.

Wéi dunn den 28. Mäerz 2014 de Marc Hansen* zum Staatssekretär fir Erzéiung, Kanner a Jugend, Staatssekretär fir Héichschoul a Fuerschung an der Koalitiounsregierung aus DP, LSAP an déi gréng ernannt ginn ass, huet de Pollo Bodem säi Posten als Chefredakter vum Ripevusch iwwerholl, eng Charge, déi hien och nach haut mat Freed a grossem Äifer erfëllt. Tatkräfteg gëtt hien dobäi vum Tom Lehnert ënnerstëtzt, deen och nieft Claude Bach, Lé Gregorius a Claude Schommer ëmmer méi fir déi qualitativ gutt Coverfotoe verantwortlech zeechent.

Am Juli 2016 kënnt dann eng éischt Spezialeditioun vum Ripevusch eraus, déi vum Useldinger Klimateam initiéiert gouf. Am Virwuert bezitt de Gérard Anzia sech op dem Ban Ki-moon seng Wierder "There is no Planet B!" a betruecht och de Slogan "Think global, act local", als eescht Erausfuerderung fir eis Gemengen.

Op der Sich no enger neier Opmaachung stellt d'Ausgab 1 vum Joer 2018 een Unikum duer, deen nees an der nächster Nummer duerch een neie Cover ersat gouf, deen och haut nach ëmmer aktuell ass. An deene leschten Ausgaben hunn och ëmmer méi oft Artikelen oder Texter iwwer eis lokal Geschicht a Leit aus eisen Uertschaften eng Plaz an der Duerfzeitung fonnt. D'Texter aus der Serie "Lieux de Mémoire" si bei de Leit op groussen Interessi gestouss. Den Tirage ass mëttlerweil vun 850 Exemplairen am Joer 2018 op 880 Exemplairen am Joer 2021 geklomm. Enn 2021 ass och d'Jil Peiffer als Verstäerkung bei d'Editiounsekipp dobäi komm.

Ganz secher wäerte sech an noer Zukunft eis Gemengeresponsabel d'Fro stellen, ob am Zäitalter vun Internet an enger globaler Informatioun, eng Duerfzeitung iwwerhaapt nach néideg ass. Op den éischte Bléck schéngt et eis, datt den Internet nëmme Virdeeler huet, ëmmer aktuell an iwwerall disponibel ass, keng Drockkäschten kascht a keng Plaz eweghëlt. Dobäi ka jiddereen individuell esou vill Informatioune bäisteieren wéi e wëllt. Mee dat wonnerbaart Gefill, eng Brochür, ee Buch oder eise Ripevusch an den Hänn ze halen, ka keen Ecran jee ersetzen. Eng eventuell Reduktioun op eng reng Internetpublikatioun géif ee grousse Prozentsaz vun eise Matbierger carrement vun dëser Informatiounsquell ausschléissen. Och am Zäitalter vun enger digitaler Hysterie wäert eise Ripevusch ënner senger haiteger Form deemno seng Legitimatioun behalen.

35 Joer Duerf- oder Gemengenzeitung, detailléiert op Pabéier niddergeschriwwen an dokumentéiert, representéieren ee beandrockend Stéck Lokalgeschicht, fir déi eis zukünfteg Generatiounen nach eemol wäerten dankbar sinn. Ad multos annos.

Text : Georges Majerus

# Visitt vum Back Office vun Autisme Luxembourg a.s.b.l.





De Buergermeeschter, de Schäfferot a puer Aarbechter aus der Administratioun haten d'Freed de Back Office vun Autisme Luxembourg a.s.b.l hei, bei eis zu Useldeng ze besichen. Si ware beandrockt mat wat fir Maschinnen si bei eis am Duerf schaffen a wat si alles digitaliséiere kënnen. All des professionell Maschinnen hu si kaaft, fir d'Qualitéit vun hirer Aarbecht ze erhéijen. Hir ISO-Archiv-Scannere sinn zum Beispill speziell fir historesch a kulturell Projete mat den National-Institutioune kaaft ginn.

Enn Oktober, Ufank November 2019 huet d'A.s.b.l. eng weider Annexe hei zu Useldeng opgemaach, an déi dunn de Back Office geplënnert ass. Den Atelier selwer gëtt et awer scho säit 2011. Deemools hu si just fir intern Besoine wéi d'Kontabilitéit geschafft, spéiderhin du fir privat Clienten (kleng Projeten) an elo fir grouss national Institutiounen an Organismen. Déi grouss Opträg koumen och deelweis duerch de LEADER Projet "ARNU".

Aktuell schaffe 7 Usagere mam Profil "Asperger Autisten" hei zu Useldeng. Déi Léit hunn aussergewéinlech grouss Intellektuell-, Konzentratiouns- a Léier-Kapazitéiten, meeschtens an engem spezifesche Beräich. Si hunn e grousse Sënn fir Detailer a fir Feeler an Ënnerscheeder ze entdecken. Si funktionéieren ëmmer no engem genauen Aarbechtsprozess ouni ze divergéieren. Et ass genau dat wat am Back Office gebraucht gëtt, fir déi Aufgaben ze erfëllen déi si gefrot ginn. Déi verschidden Usagere sinn a verschiddene Beräicher spezialiséiert, wéi z.B. al Schrëften entzifferen, mat ISO-Normen ze schaffen, fir Dokumenter ofzesécheren, Spezialiste fir Foto-, Dia-, an Negativ-Filmer Veraarbechtung (Scannen, Colorimétrie, Retusch, Vergréisserung, Détourage, Recadrage, etc.).

D'Annexe hei zu Useldeng huet hinnen et erlaabt, 3 weider Usageren an 2 weider Encadrantë fir dësen Atelier anzestellen. Zil ass et bis 2023 nach weider 5 Usageren anzestellen. Den Atelier selwer huet awer nach vill Potenzial, soudass et hinnen och an Zukunft méiglech ass, nach weider Personal an Usageren anzestellen, sou wéi nei Maschinnen ze kafen, fir nach méi performant ze ginn.

D'Gemeng seet hinne Merci fir hiren Accueil a freet sech op eng zukünfteg Zesummenaarbecht beim archivéieren an digitaliséiere vun den Akten.

# Ëmwelt, Sécherheets an Feldwee – Kommissioun

## Fréijoersbotz an der Gemeng

D'Ëmwelt-, d'Sécherheets- an d'Feldwee-Kommissioun hat de 26. Mäerz op hir alljärlech "Grouss Botz" invitéiert. Treffpunkt war um hallwer 9 beim Centre Culturel zu Useldeng, wou d'Leit agedeelt goufen, fir an deene 4 Dierfer aus der Gemeng ze botzen. Et ass, ewéi ëmmer, vill Dreck zesummekomm.

Och de Fussball hat mat enger grousser Ekipp un der Botzaktioun deelgeholl an duerfir och hinnen ee grousse Merci.

D'Gemeng Useldeng hat all déi Bierger, wou matgemaach hunn, als Merci an de Restaurant Péitche Lauer invitéiert.





# Eng Useldengerin an der Jury vum „Kindermedienfestival Goldener Spatz“ zu Erfurt

All Joer ass eng Woch laang Enn Mee bis Ugangs Juni zu Erfurt an zu Gera an Däitschland en internationale Festival: de „Goldener Spatz“. Et ass de gréisste Festival den an Däitschland Kannerfilmer aus dem Kino oder Fernsee, sou ewéi och Kannerserien an digital Kannermedienofferen (Videospiller,App’en..) mat engem Präis an zwar dem „Goldener Spatz“ auszeechent. An der Jury sinn 30 Kanner am Alter vun 9 bis 13 Joer aus Däitschland an den däitschsproochegen Nopeschlänner dat heescht ënner anerem och ee Kand aus Lëtzebuerg.

D’Anna vun Useldeng hat déi grouss Chance Lëtzebuerg op dësem Festival vertrieden ze kënnen. Dofir hat hatt missten e Steckbréif vun sech ausfëllen an och eng Filmkritik schreiwen an aschécken. Hat gouf dunn vun 30 Demanden déi aus Lëtzebuerg erakomm ware gewielt.

Fir hat war et eng eemoleg a fantastesch Erfarung.

Ganz eleng, mat 7 anere fir hat frieme Kanner an engem Betreier, ass hat Samschdes zu Mannheim an den Zuch geklomme fir op Gera ze fueren. Nomëttes nodeems d’Kanner all do ukomm waren, sinn si all an engem Hotel aquartéiert ginn. Den Dag dono, Sonndes, war dunn déi offiziell Ouverture vum Festival ënnert dem Patronage an a Presenz vum Ministerpresident vun Thüringen dem Här Bodo Ramelow zu Gera am Theater Altenburg.

D‘Jurykanner sinn dunn virgestallt ginn an hunn missten hiren Eed ofleeën, dass si weder der Famill nach Frënn iergendeen Gewënner vum Festival virun der offizieller Präisiwwerreechung géinge verroden.

Wärend 4 Deeg huet d‘Kannerjury dunn Filmer a Serië gekuckt, doriwwer diskutéiert a jeeweils déi bescht mam „Goldener Spatz“ ausgezeechent. Si haten och d‘Chance verschidde Schauspiller oder Regisseure kennenzeléieren.

Freides dunn war et endlech esou wäit. Déi offiziell Präisiwwerreechung war dunn zu Erfurt am Kino. Invitéiert waren nieft der Famill vun de Jurykanner verschidde Vertrieder vun der dätscher Press an natierlech och Schauspiller, Regisseuren asw. Leider huet dat Ganzt wéinst den deemolege sanitäre Mesuren an Däitschland missten a méi engem klenge Kader ofgehale ginn. Och d‘“After-Show“-Party no der Präisiwwerreechung ass anescht wéi gewinnt organiséiert ginn.

Fir d‘Anna war et awer egal wéi eng spannend Zäit un déi hat sech gären zréckerënnert an an der hat nei Frënn fonnt huet mat deenen hat nach haut a Kontakt ass. Ausserdeem war et interessant an opreegend fir hat op der Bün mat Moderatoren ze stoen déi hat bis dunn just aus dem Fernsee kannt huet.

Den Owend vun der Präisiwwerreechung konnt en d‘Anna kuerz an der „Tagesschau“ gesinn an bei RTL Télé Lëtzebuerg war hat och bei Live! Planet People an der Sendung.

Fir esou eng eemoleg Erfarung matzemaachen, ass all Joer eng Plaz fir e lëtzebuergescht Jurykand fräi!





# Senioreforum Gemeng Useldeng

## Generalversammlung

Am Kader vun hirer Generalversamm-lung krute folgend Memberen ee Bong fir hire Gebuetsdach iwwerreescht:



**85 Joer**

- Mme Léonie Kieffer-Rollinger
- M. Jean Colbach
- M. Armand Jacoby
- Mme Madelaine Drouet

**80 Joer**

- M. Carlo Hennico
- Mme Irene Merges-Remiche
- Mme Josée Beck-Welfring
- M. Jean-Pierre Merges
- M. Henri Wolff
- Mme Catherine Beckers-De Kroon
- Mme Marie Parries-Colbach
- Mme Jeanny Schroeder-Miller

**75 Joer**

- Mme Madeleine Kemmer-Weintzen
- Mme Rosi Knoch-Schortgen
- Mme Margot Wolff-Mischel
- M. Armand Molitor
- Mme Jeanny Sinner-Engel

**70 Joer**

- Mme Colette Ury-Linster
- M. Pollo Bodem

**iwwer 90 Joer**

- M. Jempy Scholtus
- Mme Milly Kinnen
- M. René Nierenhausen
- Mme Geneviève Keipes-Wildschütz
- Mme Margot Guth-Hemes
- Mme Anny Tholl-Feyereisen
- Mme Marguerite Schmit-Decker
- M. Armand Kleer
- Mme Suzanne Kerger-Schrenger
- Mme Madeleine Nierenhausen-Kremer
- Mme Irma Mergen-Weimerskirch
- Mme Anne Barthélemy-Reding
- Mme Henriette Kleer-Thimmesch
- Mme Léonie Fey-Hommel



# Éischt Kommioun fir d'Kanner aus der Par Atertdall Sainte-Claire

De 24. Abrëll, hu 14 Kanner aus de Gemenge Groussbus, Préizerdaul, Useldeng a Viichten, déi all der Par Atertdall Sainte-Claire ugehéieren, an der festlech gerechter Kierch vun Useldeng hir éischt Kommioun empfaangen. De feierleche Gottesdéngscht huet de Pater Jean-Jacques Flammang zelebréiert, an zu senger Säit stoung de Paschtouer Mathieu Janssen. Verschéinert gouf d'Kommiounsmass vum Instrumentenensemble zesumme mam lokale Gesangsveräin ënnert der Leedung vum Fernand Even mam Carlo Philippe op der Uergel. Zum Schluss vun der Festmass huet de Pater Flammang jidderengem säi spezielle Merci ausgedréckt, deen zu döser imposanter Éischt- Kommiounfeier bäigedroen huet.



Foto & Text: Charles Reiser

# 100. Gebuertsdag fir d'Milly Kinnen



Ëmmer méi Mënsche ginn haut 100 Joer al oder och méi. Sou konnt d'Milly Kinnen am Dezember vum leschte Joer bei gudder Gesondheet a mat berechtegtem Stolz hiren 100. Gebuertsdag feieren.

D'Milly Kinnen ass den 11. Dezember 1921 als di zweetjéngst Duechter vu sechs Kanner aus dem Bestietnis vum Pierre Kinnen a Barbe Schomer zu Gonnereng op d'Welt komm. Wärend hirer Jugendzäit vun 1937 bis 1945 war d'Jubilarin an der Landwirtschaft täteg, fir spéider iwwer aacht Joer laang als Déngschtmeedchen an engem Haushalt an der Stad Lëtzebuerg ze schaffen. Duerno huet si e Café zu Recken a Brouch bedriwwen. D'Féierung vun der „Hostellerie du Finsterthal" war di lescht berufflech Aktivitéit an hirem aktive Liewen.

Zënter 1976 wunnt d'Gebuertsdagskand zu Useldeng, wou och zesumme gefeiert gouf. Ganz iwwerrascht war d'Milly Kinnen vum Besuch vun der Familljeministesch Corinne Cahen, fir déi et eng besonnesch Éier war, di allerbescht Gléckwënsch vum Groussherzoglechen Haff an och vun der Regierung ze iwwerbréngen. Nieft engem passende Geschenk huet d'Madamm Minister der Jubilarin am Numm vun der Regierung, mat der offizieller Unerkennungmedaille „Ordre de mérite" ausgezeechent.

Nieft der Iwwerreechung vun engem Blummenarrangement, ass de Buergermeeschter Pollo Bodem a senger Ried zesumme mat senge Schäffe Pierre Da Silva a Christian Frank op dat grousst Engagement vun der Geéierten op Gemengen- wéi och op kierchlechem- a kulturellem Niveau agaangen an der Jubilarin duerfir och säin opriichtege Merci ausgesprach. Zesumme mat der Famill ass d'Glas dunn op weider gesond an zefridde Joren erhuewe ginn.





Foto & Text: Charles Reiser

# Léiwer Herrgottsblieschen…

Den 2. Februar war et endlech erëm sou wäit: Liichtmëssdag. Wéi all Joer sinn et an der Gemeng Useldeng d'Kanner aus dem Zykle 4.2 aus der Schoul, déi d'Aufgab hunn d'Kanner fir des lëtzebuergesch Traditioun zesummenzeruffen. Schonn an der Woch viru Liichtmëssdag hunn déi concernéiert Kanner aus der „rue de la Gare, am Trëmel, rue de Buschdorf, um Schiessberg, op der Bunn, Spatzfeld an um Helpersbierg" Ziedelen an der Schoul un hir Schoulkomerode verdeelt.

Um 16.30 Auer hu si sech du mat den Elteren all am Haff vun der aler Schoul zu Useldeng getraff an 2 Gruppe gemaach. An du goung et lass! D'Kanner si mat hire faarwege Lampione vun Haus zu Haus gaangen an hu gesongen. Dofir krute si dunn och Séissegkeeten an och heiansdo e puer Euro. No ongeféier 2 Stonnen haten d'Kanner et gepackt. Bei all Haus hate si un der Dier geschellt an du war et Zäit ginn, fir alles ze deelen.

Dofir war extra d'Manukultura reservéiert ginn, well no dem laangen a kalen Trëppeltour waren d'Kanner frou sech an engem waarme Sall opzewiermen an do och alles wat si kruten opzedeelen. Beim Deele kruten d'Kanner Waasser an och Schocki a Kuch zerwéiert an hunn och schonn déi eng oder aner Séissegkeet genascht.

No enger Stonn war dunn alles verdeelt an d'Kanner sinn zefridden a midd heemgaangen.

Vill Kanner waren awer nit drun interesséiert d'Suen, déi gesammelt goufen, selwer ze halen. D'Iddi ass dunn opkomm, fir d'Suen un d'SPAD ASBL (Société pour la Protection des Animaux Dudelange) ze spenden. Esou goufen am Ganzen 220€ un des Organisatioun gespent an d'Kanner kruten dofir an engem Bréif en décke Merci vum President am Numm vun den Déiere gesot.



Text: Anna, Jaden a Yann



# Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng





## Mir engagéieren eis

Pompjeesfrënn aus der Gemeng Useldeng hunn sech derzou entscheet, mat engem Deel vum Erléis vun eisen 2 Manifestatiounen (Buergbrennen zu Schandel an eise Stand um Chrëschtdag ob der Buerg) een Don fir een gudden Zweck ze maachen.

Sou dass mir dëst Joer de Projet „Elektroseelsorge-r“ am Ahrtal,mat engem Don vun 2500 € ënnerstëtzen,wou och ee vun eise Memberen aktiv matschafft an vill Zäit an Energie dran investéiert.

Sonndes den 13.03.2022 hunn sech 4 vun eise Memberen ob de Wee an den Ahrtal gemaach fir de Scheck ze iwwerreechen an en Puer vun de „Elektroseelsorge-r“ kennenzeléieren.

Bei dëser Geleeënheet konnt eis Delegatioun sech och ee Bild iwwert Auswierkunge vun den Iwwerschwemmunge maachen, déi am Juli 2021 des Géigend total verwüst hunn.

„Elektoseelsorge-r“ ass eng Associatioun vu benevolle Leit déi sech zesummenfond hunn, fir am Ahrtal elektresch Geräter ze reparéieren an och elektresch Hausinstallatioune bei net versécherten Héischwaassergeschiedegten ze maachen.

## Trapelaf zu Oberhof

Fir als Pompjee kënnen d’Asätz beschtméiglech ze meeschteren, ass et wichteg, dass d’Pompjeeë reegelméisseg trainéieren, fir zu all Moment fit ze sinn. Dorausser hu sech eng Rei vu sougenannte „Pompjeessportaarten“ entwéckelt, ënnert deenen eng Rei Useldenger Pompjeeën d’Trapelafe fir sech entdeckt hunn. D’Zil ass et dobäi a voller Pompjeesmontur schnellstméiglech eng grouss Trap eropzelafen, wéi et beispillsweis bei engem Brand an engem Héichhaus kéint de Fall sinn. Well een als Pompjee ni eleng an den Asaz geet, ginn dës Courssen och zu zwee an zwee gelaf.

No e puer Kompetitiounen zu Köln, huet et eis Sportler den 9. Abrëll op Oberhof an Thüringen verschloen, wou et niewent enger schnéibedeckter Schisprungschanz ganzer 701 Träpplecker 120 Meter op d’Kopp vun der Schanz erop goung. Ënnert deenen 200 Ekippe ka sech d’Leeschtung vun den Useldenger Ekippen och definitiv weise loossen, wou d‘Ekipp an der Kategorie mat ugeschlossenem Otemschutzgerät déi 6. Plaz an déi zwou Ekippen ouni ugeschlossenem Otemschutz mat enger 4. an enger 5. Plaz de Podium nëmme knapp verpasst hunn!

Als nächsten Challenge steet am August nees de „KölnTurm Treppenlauf“ um Programm, mee fir déi nächsten Oplag zu Oberhof wäerten déi Useldenger Pompjeeën nees alles dru setzen, fir hir gutt Plazen ze verdeedegen.



# Duerffrënn Schandel







## Aperotour den 30.01.2022

Och am Ufank vum Joer 2022 hu mir eis et net entgoe gelooss, d'Leit aus dem Duerf zesummenzebréngen.

Den 30. Januar 2022, bei guddem Wieder, hu mir ee klengen Tour ronderëm d'Duerf gemaach. Fir de Wee ass de Ben LOUIS, de Caissier vun eisem Club zoustänneg. Fir Gespréich an eppes ze drénke war gutt gesuergt.

Mir géifen et begréissen, wa sech nach weider Leit géifen dem Tour, deen ëmmer ëm déi 2 Stonnen dauert, uschléissen.

*D'SCHANDELER Duerffrënn*

Text: Cliff ENGLEBERT

Photo: Patrick ELSEN



## Mam Kleeschen um Tour

Am Joer 2021 hat de Kleeschen zu Schandel e bëssi méi ze di wéi dat Joer virdrun. Duerch dee grousse Succès, deen hie konnt am Joer 2020 verschreiwen, huet hie säin Tour de Weekend vum 4. a 5. Dezember nach e bëssi ausgebaut.

De 4. Dezember konnt hien, mat Hëllef vum Romaine a Carlo ROLLINGER vu SCHANDEL an hierem Nele, den Tour vun 2020 duerch d'Duerf widderhuelen. Och am Joer 2021 ass hie mam Houseker erëm op vill Leit gestouss, an dat net nëmme vu Schandel. Grouss a Kleng ware begeeschtert vun der schéiner Päerdskutsch an deem wonnerbaren Erliefnis.

Sonndes, de 5. Dezember huet de Kleesche mam Houseker da verschidde Familllen doheem besicht an déi zwee konnten esou d'Kanner doheem iwwerraschen. Och dat war ee grousse Succès fir de Kleeschen a säi Gesell.

Immens frou waren och d'Kanner aus der Useldenger Bëschklass, déi mëttwochs, den 8. Dezember am Bësch vum Kleeschen a vum Houseker besicht goufen. D'Kanner ware begeeschtert an hunn, nodeems jiddereen eng Titche krut, dem Kleeschen en puer flott Lidder virgedroen.

E puer flott Erliefnisser, déi sécherlech am Joer 2022 erëm widderholl wäerte ginn.

*D'Schandeler Duerffrënn*

Text: Cliff ENGLEBERT

Photoen: Gilles STEICHEN

# Harmonie Useldeng


Foto: ©Josée Anzia

## Een Opruff an eegener Saach

Spillt dir een Instrument a sidd gewëllt dat kulturellt Liewen an eiser Gemeng ze verschéineren, kënnt dir Iech gäre bei eisem President, dem Georges Boudler, mellen. **gboudler@pt.lu / 691 535 610**

Kanner, déi säit 2 Joer een Instrument spillen, kënne gäre bei eis am Jugendorchester matspillen.

Mellt Iech dofir bei eiser Dirigentin vum Jugendensembel, dem Karin Pick. **jugend@harmonie-useldeng.lu / 621 703 541**

## Vëlkerballtournoi vum Club des Jeunes Useldeng

Den 19.Mäerz 2022 hat de CdJ vun Useldeng op hiren 1. Vëllkerballtournoi an der Sportshal zu Useldeng invitéiert. Hei hu mir mat der Musek mat enger Ekipp drun deelgeholl an ee flotten Nomëtten zesumme verbruecht. Eis Ekipp gouf och nach vun eenzele Musikanten ugefeiert an ënnerstëtzt.

## Musekstage

Sonndes, den 20. Mäerz.2022 hat d'Musek hiren Stage. Et gouf am Regëster déi Stécker fir eise Galaconcert (den 21.05.2022 um 20 Auer am Centre Culturel zu Useldeng) geprouft. Zum Schluss war och eng Tutti Pouf. Ee Merci un déi extern Dirigenten déi eis ënnerstëtzt hunn.

## Ouschteren un der Atert

Sonndes, den 3.Abrëll 2022 huet d'Useldenger Musek op hiert Fest „Ouschteren un der Atert" invitéiert. Wärend dem Apero huet d'Red-Sax Band fir musikalesch Ënnerhalung gesuergt. Duerno gouf Fëschpaschtéit oder Geschnëtzeltes zerwéiert. Nom Dessert an der obligatorescher Tombola huet d'Moselle Valley Brass Band fir Stëmmung gesuergt.

## Generalversammlung Harmonie Useldeng

Um 1. Mee huet d'Useldenger Musek niewent hirer traditioneller 1.-Mee-Feier mat uschléissendem Cortège duerch d'Duerf och op hir järlech Generalversammlung invitéiert.

No der Begréissung duerch de President an den traditionelle Berichter, ewéi den Aktivitéitsrapport, Keesebericht an Ausbléck, huet och nach de President a Caissier vum Organisatiounscomité ee Rapport gemaach.

Als Ofschloss goufen nach Medailen u laangjäreg Musikanten a Musikantinne verdeelt. Duerno gouf den Dag mat engem gudden Iessen an engem gemittleche Patt zesummen ausklénge gelooss.

Text: Max Koster




VERÄINSLIEWEN

# Club des Jeunes Useldeng

De Club des Jeunes Useldeng ass frou, och 2022 aktiv um Gemengeliewen deelzehuelen. Dëst Joer hu mir, niewend eisem traditionellen Ëmzuch duerch d'Duerf a Buergbrennen, och zwee nei Evenementer organiséiert.

Eis éischt Ausgab vum Vëlkerballtournoi, deen den 19. Mäerz an der Sportshal stattfonnt huet, war e vollen Erfolleg an huet d'Leit aus dem Duerf sou wéi och d'Club des Jeunes aus der Ëmgéigend ugezunn. Ongeféier 27 Ekipp hunn ëm de grousse Vëlkerballpokal gespillt.

De 27. Mäerz hu mir zesumme mat der Rippweiler Jugend de Bretzelsonnden an der ganzer Gemeng organiséiert an de Leit hir bestallte Bretzele bis heem gefouert.

**Wéi kann een dem Club des Jeunes Useldeng bäitrieden?**

Du bass vun Useldeng oder der Ëmgéigend, hues mindestens 15 Joer, Loscht bei eisen Aktivitéiten am Duerf matzemaachen oder mat eis op aneren Aktivitéite Spaass ze hunn? Da bass du bei eis genau richteg. Fir Member ze ginn oder bei weidere Froen, mellt iech ganz gäre bei eis.

**Wou kann een eis kontaktéieren?**

Facebook: Club des Jeunes Useldeng
Instagram: cdjuseldeng
Mail: cdjuseldeng@gmail.com

**En Iwwerbléck iwwert eis selwer organiséiert Evenementer 2022.**

- Après-Ski Party 07.01.2022 (wéinst Corona ofgesot)
- Ëmzuch duerch d'Duerf 05.03.2022
- Buergbrennen 06.03.2022
- Vëlkerballtournoi 19.03.2022
- Bretzelsonnden 27.03.2022








# Kierch am Duerf






Ex-Libris aus engem Buch aus der Useldinger Parbibliothéik

# Een interessanten Abléck an eis fréier Parbibliothéik

Wärend eisem leschten Aarbechtsjoer war, niewent den Decisiounen iwwert déi zoukënfteg Orientéierung vun eise Kierchen zu Rippweiler an zu Schandel, eng vun de gréisste Erausfuerderungen, eist fréiert „Paschtoueschhaus“ zu Useldeng nieft der Buerg ze raumen. Nom Ofschloss vun de Konventiounen tëschent dem Bistum an der Useldenger Gemeng am Hierscht 2021, gëtt dëst Haus neie kommunale Bestëmmungen zougefouert. Eis fréier Parbliothéik, mat enger Unzuel vu ronn 1.500 Bicher, muss elo eng nei Destinatioun fannen.

Mat der Hëllef vum Här Jean-Marie Reding, Diplom-Bibliothekar an der Lëtzebuerger Nationalbibliothéik, an eise Frënn vun der ASBL „Les Amis du Prieuré d'Useldange“ gouf dës Bibliothéik gestëbst, entbliedert an duerchgebliedert. Eraus koum eng „Réserve précieuse“ vun e puer honnert Bicher, iwwert déi mir an enger séier léierräicher Konferenz vum Här Reding, de leschten 20. Abréll, vill interessant Informatioune kruten. D'Konferenz huet iwwert d'Geschicht, den Opbau an de Fonctionnement vu kierchleche Bibliothéiken hei zu Lëtzebuerg, zënter dem 19. Joerhonnert bis haut, gehandelt. Donieft gouf et awer och nach vill Erklärungen iwwert d'Geschicht vum kathoulesche Borromäus-Veräin, den deemolegen Zweck vun de Pflichtbicher vun der NSDAP am Zweete Weltkrich, d'Lëscht vun de verbuedene Bicher, den Archivage an der Nationalbibliothéik, asw..



Deel vun der Bibliothéik in situ, um Späicher vum Paschtoueschhaus (Dezember 2021)

**Eng KAD-Iddi ass et, fir am Laf vum Joer eng Visite guidée an der Nationalbibliothéik an och an de Bistumsarchiven ze organiséieren. Matbierger, déi Interessi hätten, do derbäi ze sinn, kënnen sech elo schonn beim Lou Anzia-Ney mellen. Tel.: 621 409 108.**

Eventuell Interessenten, déi un engem Stapel al Bicher aus der fréierer Bibliothéik interresséiert wieren, kënne sech ënnert der selwechter Nummer mellen.



Eng Vitrinn mat engem Echantillon vu Bicher.



De Conferencier Här Jean-Marie Reding.

Text: Lou Ney

# Rippweiler schafft fir d'Ukrain

Den 3.3.2022 hat d'Oeuvres paroissiales Rippweiler am Ufank vum Ukrain-Krich op eng Friddensveillée an der Kierch invitéiert.

D'Klibberkanner ware virun Ouschteren erëm traditionell duerch d'Duerf ënnerwee. Si hate selwer gemoolten Ouschtereeër de Leit offréiert an hunn dësen Erléiss zousätzlech zu all deem wat si nach opgehoff haten, fir d'Flüchtlingen an der Ukrain gespent. Sou huet d'Action pour un Monde Uni asbl déi beträchtlech Zomm vu 600€ konnten entgéinthuelen. Ee grousse Merci un d'Kanner an u jiddereen, deen hei matgemaach huet.





Text & Foto: Marianne Harpes

**Mammentréine fir de Fridden!**

Bomme baschten, Haiser brennen,
wéi vill Mammen dat nach kennen,
Wonne bludden, Jonge stierwen,
Mamme musse weiderliewen.

Fir de Fridde sinn hir Tréinen!

Wéi vill mol muss dat nach kommen,
wéi vill brauch eis Welt nach Bommen
wéi vill Mamme musse weider
ënner Wéie Kanner kréien,
fir herno enzwousch am Krich
zerfatzt duerch d'Luucht ze fléien.

Fir de Fridde sinn hir Tréinen!

Kënnt dat Mier vu Mammentréinen, op
Mammendag,
dem Mier vu Jongeblutt begéinen,

kënnt si fir eemol sech
symbolesch an den Äerm nach leien …

vläicht géif et déi, déi sënnlos Kricher féieren,
e bëssche réieren …

vläicht géif d'ganz Mënschheet
dann op emol wëssen,
wéi vill mol mer all verpasst hunn,
eis Mamm an Dankbarkeet ze këssen!

*Lou Ney 1982*

VERÄINSLIEWEN

# KAD-Kannerkierch



D'Kierch am Duerf Gemeng Useldeng organiséiert reegelméisseg Aktivitéiten, dorënner och eng ganz Rei Saache fir Kanner a Familljen. Sou konnt ee beispillsweis zu Useldeng an der Kierch een interaktive Kréppewee matmaachen, deen iwwert d'Chrëschtzäit do opgeriicht war.

Nei ass och, dass mir säit dem Hierscht eng interessant Säit op eisem Internetsite hunn, extra fir Kanner. Hei fannt dir Aktuelles, eis nächst Rendez-vousen, Texter, Lidder ... Et ass meeschtens ee Link op aner extern Sitten, déi mir interessant fannen.

**Gitt emol einfach bis luussen: www.kad.lu. Ënner Kannerkierch fannt dir eis nei Säit.**

Wee gär eis Aktivitéiten am Viraus matgedeelt wëll kréien, ka sech beim Marianne Harpes oder Lea Bartelemy mellen, oder per Email: marianne.harpes@education.lu




Text & Foto: Marianne Harpes

# Groupe Spéléologique de l'Attert



De GSA (Groupe Spéléologique de l'Attert) ass eng Grupp vu fräiwëllege Speleologen (Hielefuerscher), déi no verstoppte Gäng, Hielen oder Grouwe sichen am ganze Land an och am noen Ausland. Bei eisem Hobby ass Komerodschaft a Sportlechkeet gefrot, wëll et heescht dacks klammen an och emol krauchen. Dofir gesi mir reegelméisseg Klammtraininge fir eis Exploratiounsekippe fir, fir dass jiddereen ee séchere Fouss an de geféierlechen Descentë beweise kann.

Eemol en Huelraum fonnt, interesséieren eis geologesch, historesch an archeologesch Aspekter, awer och d'Fauna (Molchen, Mouken, Fliedermais, ...) an och d'Flora (Champignonen, Moos), d'Mineralien an och d'Fossilien.



# F.C. Jeunesse Useldeng

## Randonnée Castleride 2022 - Ein voller Erfolg!

Am 01.05.2022 hat zum fünften Mal der VTT Castleride Useldeng stattgefunden.

Durchgeführt wird diese Veranstaltung vom Useldinger Fußball unter Mitwirkung privater Initiatoren sowie mit der Unterstützung der Gemeinde Useldingen.

Insgesamt hatten sich über eine erwünschte Online-Anmeldung gut 400 Teilnehmer/innen am Start zwischen 800 und 1000 Uhr eingefunden.

Auf dem Programm standen diesmal Strecken von 23 km, 39 km, 49 km, 59 km sowie die schon traditionelle Familienstrecke mit 11 km. An insgesamt 3 Verpflegungsstationen konnten die Teilnehmer/innen neue Kraft tanken.

Auf der Familienstrecke waren neben Fahrradfahrern auch Jogger und Nordic Walker unterwegs.

Auch die erfolgreiche Jugendabteilung vom FC Jeunesse Useldeng war mit 27 Kindern auf der Familienstrecke vertreten!

Am Ziel, dem Fußballplatz vom FC Jeunesse, konnten sich die Teilnehmer zum Schluss bei herrlichem Wetter mit Hamburger, Grillwurst, 'Gromperekichelcher', Pommes Frites und zahlreichen Getränken von den Strapazen erholen, wovon auch sehr viele Gebrauch gemacht haben. Es gab auch ein Springschloss für die zahlreichen Kinder und für die Großen eine „Schampes-Bar"!

Im Großen und Ganzen war es eine sehr gelungene Veranstaltung. Bis auf wenige Ausnahmen  sind wieder alle Teilnehmer wohlbehalten im Ziel angekommen, und haben sich sehr positiv zu den Strecken und der schönen Natur in unserer Region geäußert.

**Weitere Fotos vom VTT Castleride kann man sich unter www.castleride.lu ansehen.**

Ein großer Dank gilt unseren Sponsoren **PALL Center, Elektro Zenner, Bäcker Jos, Fahrradgeschäft Oostergaard, dem Malerbetrieb Marcel Kauthen, der Provençale, der Garage Pascal Neu sowie den vielen freiwilligen Helfern, ohne die diese Veranstaltung nicht möglich gewesen wäre.**







Die sechste Auflage vom VTT Castleride Useldeng ist in Planung, ein genaues Datum steht noch nicht fest.

*Für das Organisationsteam, Thomas Völkening*


F.C. JEUNESSE
USELDANGE
Lëtz' Kick-it !
Loscht op Football spillen ?
Envie de jouer au foot ?
Sichs du eng super Club-Ambiance ?
Tu cherches une bonne ambiance de club ?
Fir Jongen
a Meedercher !!!
Maach mat beim
FC Jeunesse Useldeng
Joins le FC Jeunesse Useldange
40 € / saison
Contact: Dave de Bruyn
Tel: 691 291 084
Email:
jugend@footballuseldeng.lu
www.footballuseldeng.lu
@FcJeunesseUseldeng


Qualifizéiert Trainer
entraîneurs qualifiés
mir kleeden d'Kanner
a mat Jogging, Short, T-Shirt,
Saccoche
Matcher an Tournoi'en
heiheem an am Ausland
matchs et tournois au
au Luxembourg et à l'étranger
flott Fräizäitaktivitéiten
Bundesliga-Match, Fräizäitpark,
mam Open-Air-Bus op
Frëndschaftsmatch....
vêtements de sports
pour les jeunes,
Jogging, Short,
T-Shirt, Saccoche
Spass fir d'ganz Famill
amusement pour toute
la famille
Activités Loisirs
Parc d'attractions, Match de foot
de la ligue allemande, voyage en
bus-CABRIO aux matchs
amicaux à l'étranger
Football-Camp
camp de football
Lëtz' Kick-it !
ALLEZ
USELDENG!
Eng staark Equipe / une équipe motivée
Training um Football-Terrain Useldeng
am Wanter an der Sportshaal
Alter: 5 - 6 Joer
Densdeg / Donneschdeg 17:00 à 18:00
Alter: 7 - 8 Joer
Densdeg / Donneschdeg 17:00 à 18:30
Alter: 9 - 10 Joer
Densdeg / Donneschdeg 17:00 à 18:30
Alter: 11 - 12 Joer
Densdeg / Donneschdeg 17:00 à 18:30
Alter: 13 - 16 Joer
Méindeg / Mëttwoch 17:45 à 19:15
Freides 17:45 à 19:15
Mell dech un:
www.footballuseldeng.lu

# Indiaca Nethoppers Useldeng



## Indiaca Saison 2021/2022

Mir sinn all frou, datt eis Indiaca Saison 2021/22 de 15.9.21 eenegermoossen „normal“ ufänke konnt. Säitdeem trainéire mir erëm all Mëttwoch Owend vun 20h bis 22h. Eis Traininger sinn op fir jiddereen, dofir zéckt net eise Sport ausprobéieren ze kommen.

Den 1. Spilldag vum Häre-Championnat gouf den 20.November ’21 zu Useldeng an der Hal gespillt. 5 Ekippen (Bettenduerf, Groe Léif, Alzeng, Colmar an Useldeng) sinn hei géinteneen ugetrueden.

D’Mixte-Championnat (1. Spilldag) huet de 27. November ’21 zu Bettenduerf an der Hal statt fonnt, gespillt hu folgend Ekippe: Bettenduerf, Groe Léif, Alzeng, Colmar an Useldeng.

Den 19. Januar ’22 hu mir d’Véierelsfinal vun der Mixte-Coupe géint Alzeng gespillt. Mir konnten eis an deem Match behaapten an eis domat fir d’Halleffinall qualifizéieren

Den 29. Januar gouf d’Damme-Championnat bei eis zu Useldeng an der Hal gespillt an de 5. Februar gouf d’Häre-Championnat um Holleschbierg ausgedroen.

Den 2.Spilldag vum Mixte-Championnat huet den 12. Mäerz zu Ëlwen stattfonnt.

De 16.3 hu mer d’Halleffinall vun der Mixte-Coupe géint Bettenduerf gespillt. Hei konnte mer eis ee Saz erkämpfen, mee hu leider de Match missen ofginn.

Eisen traditionellen „Just 4 Fun“-Tournoi, fir dee mir an der ganzer Gemeng Reklamm gemaach hunn, konnte mir och endlech erëm organiséieren. Dësen Tournoi huet de 25. Mäerz `22 stattfonnt an et hate sech insgesamt 13 Ekippen ugemellt. Leider sinn duerch Corona 3 Ekippen ausgefall

VERÄINSLIEWEN

an dofir gouf den Tournoi du mat 10 Ekippe gespillt. Mir hunn a „Poulen" gespillt, fir datt all Ekipp méiglechst vill Matcher spille konnten. All Ekipp hat sech ee flotten, witzegen Numm afale gelooss an huet säi Bescht ginn. Nieft dem Indiaca stoung deen Owend de Spaass an d'Fréndschaft um Programm a mir hunn ee ganz flotten Owend an der Hal zu Useldeng verbruecht.

Den 31. Mäerz gouf de Coupe-Match vun den Damme géint Colmar gespillt. Mir hunn eis am 3. Saz leider misse geschloe ginn.

Nieft de Matcher, déi mir spillen, musse mir och Coupe-Matcher päife goen an um Championnatsdag 1-2 Ronne päifen. Hei brauche mir dann 3 Leit, een 1. Arbitter, een 2. Arbitter an 1 Scorer.

Nodeems d'WM 2021 leider coronabedéngt an d'Waasser gefall ass, fënnt se elo déi éischt Woch am August 2022 (02.08.- 06.08) an der Coque statt. Mir si stolz, datt dräi Useldenger Spiller sech an de Reie vun der Ü40-Nationalekipp erëmfannen a momentan um Nationaltraining deelhuelen, deen och heiansdo zu Useldeng an der Hal zäitgläich mam Clubtraining stattfënnt.

Hei well een Opruff u jiddereen, deen Zäit a Loscht huet, eis Lëtzebuerger Ekippen Ufank August an d'Coque ënnerstëtzen ze kommen ! Weider Infoe fannt dir op www.indiaca.lu.

Am Kader vun der Preparatioun op d'WM hunn och 2 Useldenger Spiller de 24.4. op der DIL (däitsch Indiaca Liga) zu Betzdorf (D) matgespillt.





Text: Tania Theis

# De René FRISCH vun Uselding: villsäitege Kënschtler a verdéngschtvolle Matbierger



D'Villa Frisch – De René als Bouf mat Schlitt

Den 30. Mee 2002 huet de René Frisch a senger Villa am Rendelwee seng Wallis gepaakt a sech prett gemaach fir den Dag drop an d'Vakanz ze fueren. D'Schicksal huet anescht entscheet: een ongléckleche Haushaltsakzident huet hie mat kaum méi wéi 70 Joer abrupt aus dem Liewe gerappt.



De René FRISCH am Joer 1995 – Foto G. Majerus

Säin onerwaarten Doud war e Schock fir seng Famill, seng Frënn an d'ganzt Duerf. Mee och 20 Joer méi spéit ass den diskreeten an ausseruerdentlech kreative Mënsch nit vergiess. Villes zu Uselding dréit seng Handschrëft. Munches wier ouni seng Initiativ guer nit zustane komm.

**A Frischens**

Um leschten Dag vum Joer 1931 kënnt bei der Koppel Frisch-Hennico mam René de laang erwënschten an eenzegen Nowuess un. De Metzlermeeschter Camille Frisch hat sech 1921 mam Useldinger Usträichermeeschter Nicolas Hennico a senger Fra Anna Seyler hirer Duechter Marie Joséphine Hennico, „Marechen", bestuet. Schonn dem René säi Grousspapp, den Nicolas Frisch, war Metzler: hien hat d'Handwierk vum Charcutier zu Paräis geléiert. 1889 hat hie sech zu Uselding mam Marie Majeres vu Veianen, bestuet. No en etleche Joren zu Paräis, wou och hire Fils Camille gebuer gouf, koume si zeréck op Uselding. 1901 hat de Nicolas Frisch vun der Gemeng d'Erlaabnis kritt, un d'Wiertshaus am Trëmel e Metzleschbuttek unzebauen. Vireg Proprietären hate schonn déi zwee einfach Doléinerhaiser aus dem 18. Joerhonnert, déi sech mam Réck widdert d'Buergmauer an de Fiels stäipen, zu engem Wunnhaus mat Wiertschaft vereenegt.






A Frischens am Joer 1939 – Archives René Frisch

De Café-Restaurant an d'Metzlerei Frisch goufe mat vill Succès vum René senge Grousselteren a spéider vu sengen Eltere bedriwwen. „A Frischens“ war e Begréff an der ganzer Géigend an den Hausnumm ass bliwwen, och nodeem d'Geschäft 1949 an d'Hänn vum Felix an Anna Frank-Zieser iwwergaange war. 1988 gouf d'Metzlerei definitiv zougemaach.

D'Famill Balthasar-Didier, déi 1974 iwwerholl hat, huet hir Aktivitéiten op Schieren geplënnert. Haut ass d'Dikrecher Brauerei Locataire vum Haus an deem ëmmer nach e Café dra gefouert gëtt, mat enger flotter Terrass op där Plaz, wou fréier d'Wurschtkummer war.

**D'Villa am Rendelwee**

Nom 1. Weltkrich gouf vum René senge Grousselteren Nicolas a Marie Frisch-Majeres déi schéi grouss Villa am spéide Jugendstil am Rendelwee gebaut. Nodeem si hirem Jong Camille a senger Fra de Betrib am Trëmel iwwerlooss hunn, zéien si an d'Villa an. Als Kand verbréngt de René vill Zäit hei, wou hie vu senger „Boa“ versuergt gëtt. Bis op seng Studentenzäit an déi knapp 10 Joer, wou hien zu Iechternach wunnt, bleift d'Villa säin Doheem. Seng Mamm lieft nom fréien Doud vum Papp – och hie stierft grad wéi de René am Alter vu 70 Joer – eng Zäit laang eleng. Wéi si no engem schwéiere Schlag op Fleeg ugewisen ass, kënnt de René heem fir si ze versuergen. Hie kuckt no Haus a Gaart, a riicht sech en Atelier an, wou e senge villsäitegen Hobbyen nogeet. Säin Interessi gëllt besonnesch dem Konschthandwierk. Fir sech a verschiddene Sparten, sief et Seidemolerei, Poterie, Restauratioun vun Hellegestatuen, Wiewerei ... weiderzebilden, besicht hien a senge Vakanzen am Ausland Atelieren a Seminären. Bei sengem Doud bleift op sengem grousse Wiefstull e leschten Tapis fir ëmmer an der Aarbecht.

Haut lieft a schafft säin Neveu an Dafpätterchen, Luc Weber, mat senger Familljen an deem schéinen Haus.

**D'Schoul an d'Léierjoren**

1938 geet déi fonkelnei Primärschoul am Trëmel mat zwee grousse Schoulsäll op - si gëtt 2003 duerch de moderne Schoul- a Sportkomplex op Weidfeld ersat. Hei dréckt de René d'Schoulbänk a léiert d'ABC an d'Einmaleins bei dem beléifte Schoulmeeschter Nic. Spielmann. Enseignement précoce a Spillschoul waren nach onbekannte Konzepter: d'Kanner koumen direkt an d'1. Schouljoer, d'Jonge bei de Schoulmeeschter an d'Meedercher bei d'Léierin. Zënter 1922 a bis zu senger Pensionéierung am Joer 1955 war den Här Spillmann den Titulaire fir d'Jongeschoul an huet sämtlech Joergäng vum 1. bis inklusiv deem deemools nach existente 7. Schouljoer an engem Raum enseignéiert. Dat selwecht huet fir d'Meederchersklasse gegollt, iwwert déi d'Joffer Cécile Schmitz d'Autoritéit vun 1936 bis 1968 hat.

No der Primärschoul fiert de René all Dag mat der Atertlinn op Dikrech an de Kolléisch, wou hien d'„Section latine” beleet. 1953 mécht hien do seng Première an entscheet sech fir e Konschtstudium – ganz zum Verdross vu sengem Papp, dee sech säi Jong als Successeur fir de Metzleschbetrib gewënscht hat.



**De René hält sech selwer am Bild fest – ee Virgänger vum “Selfie”**

Et gi véier Léier- a Wanderjoren un, an deenen de Student vun Uselding d'Groussstadliewen an eisen Nopeschlänner kenneléiert. Fir d'éischt kënnt de René an d'Ecole Nationale des Beaux-Arts op Nanzech, duerno besicht hien d'Staatliche Kunstakademie zu Düsseldorf a wiesselt dann an d'Académie des Beaux-Arts op Bréissel. 1958 plënnert hien op Paräis an déi renomméiert Académie Julian, wou, ënner villen aneren, den Edward Steichen, den Henri Matisse an den André Derain zu hirer Zäit geléiert hunn. Besonnesch déi franséisch Haaptstad deet dem René et un: ëmmer erëm fiert hie gären dohin, hie kennt all Stroossen an Ecken a begleet voller Begeeschterung Schoulklassen a Jugendgruppen op Kultur- an Amusementsreesen an d'Stad un der Seine.

### Iechternacher Liewensfreed

Fir de René war et scho fréi kloer, dass hie wéilt Enseignant ginn. Vu 1959 bis 1961 mécht hien de Stage fir „professeur de dessin" am Athénée zu Lëtzebuerg a promouvéiert mam „ Examen pratique" 1962. Seng Thees behandelt d'„Histoire de la céramique luxembourgeoise". Mat dësem Thema verdäitlecht sech säin Interessi um Konschthandwierk, deem seng villsäiteg Méiglechkeeten hien ëmmer op en Neits wäerte faszinéieren an zu bestänneger Weiderbildung verleeden. Säi Kënnen an der Keramiktechnik ass iwwregens veréiwegt an der Dier vum Tabernakel an der Useldinger Kierch.

De jonke Konschtproff schafft fir d'éischt am Lycée de Garçons zu Esch-Uelzecht a gëtt dann 1963 an de Lycée classique op Iechternach genannt. D'Willibrordusstad un der Sauer mat senger traditiounsräicher Geschicht gëtt séier dem René seng zweet Heemecht. Am feudale Gebai vun der fréierer Abtei wou de Lycée ënnerbruecht ass, fillt hie sech wuel a schléisst séier Frëndschaft mat enger Partie vu Proffekolleegen. Hien ass en exzellente Pedagog, dee grousse Wäert op eng praktesch Approche leet, fir de Schüler Freed um kënschtleresche Schaffen ze vermëttelen. E frappant Beispill dovu sinn d'Wandmosaiken op dem Modell vu Ravenna, déi seng Schüler selwer fabrizéieren, an déi haut nach ëmmer am Gebai ophänken.

Am Iechternacher Kolléisch - De Mosaiker vu Ravenna noempfonnt.



De besonnesche Charme vun Iechternach léiert de René am „Café Sturm" kennen. Hie lount hei en Zëmmer bei där schlagfäerdeger a spleeneger Wiertsfra Nini Sturm. Hiert Lokal ass nit nëmmen de Staminee vum „Tout-Echternach", mee gëtt vu landbekannte Perséinlechkeete frequentéiert. Besonnesch an der Fuesent, wou Iechternach deemools als Héichburg glänzt, ass dem Sturms Nini säi Café eng incontournabel Adress - „the place to be"! De René ass a sengem Element a mécht mat sengem Talent als Dekorateur Furore.



D'Nini Sturm mat Fiederhutt

Als eenzegen an devouéierte Fils muss de René schliisslech wéinst dem schlechte Gesondheetszoustand vu senger Mamm schwéieren Häerzens säin Iechternach verloossen. Hie plënnert zeréck op Uselding an d'Villa a freet seng Versetzung an de Lycée Michel Rodange un, wou hie säi pedagogescht Schaffen op déi bewäerte Manéier weiderféiert. Déi Iechternacher vergësst hien awer nit: si kënnen op hien zielen, wa si hie brauchen. Sou léisst en et sech nit huelen, all Joer um Dag vun der traditioneller Erläichendagspressessioun scho mueres an aller Herrgottsfréi an d'Abteistad ze fueren, fir en opwännege Blummentapis virun de Fräialtor ze tässelen.

## Zu Uselding a fir Uselding

Och wann de René sech zu Iechternach aussergewéinlech wuel gefillt huet, sou läit Uselding sengem Häerz am nächsten. Ëmmer erëm ergräift hien d'Initiativ fir säin Duerf mat originellen Iddien ze valoriséieren. Schonn als jonke Mënsch war hien ee vun den Haaptgrënner vum Studenteclub, dem Virleefer vum haitege Club des Jeunes. Am exzeptionelle Kader vun der Buerg organiséieren d'Studenten dat éischt vun enger ganzer Rëtsch vu Buergfester, op deene sech bis an déi fréi Mueresstonnen ameséiert gëtt. Wéi den neie Club des Jeunes 1972 säin éischt Fest „am Schlasslach" opgeriicht huet, dekoréiert de René en ale Stall als „Hexebar", an zerwéiert do flambéiert „Crêpes au Grand Marnier".

Beim Spaass um Theater spillen ouni Zweiwel d'Gene vun der Famill Hennico mat: nom 1. Weltkrich war den Usträichermeeschter Jäng Hennico, ee vun der Mamm hire Bridder, een Haaptprotagonist vun der deemoleger Useldinger Theaterzeen. An dem René seng Mamm selwer soll sech als éischt Meedchen op d'Useldinger Bün gewot hunn. Bis dohi goufe nämlech d'Fraerolle vu verkleete jonke Männer iwwerholl!

Wéi am Club des Jeunes 1975 de Wonsch opkomm ass, fir Theater zu spillen, huet de René, als President, déi nei an deemools gewoten Iddi vun enger Playback-Show lancéiert. Den enorme Succès vum Useldinger Cabaret iwwer méi wéi 30 Joer huet him Recht ginn. Awer dozou spéider nach e puer Wuert.




*Theaterplakat für die Aufführung von Hopp Marjänn im Dezember 1980.*

Quelle: CNL L-410; 7.7.1.12.

**Décoren: René Frisch – Dezember 1980**

Zanter 1895 gëtt zu Uselding ëmmer erëm Theater gespillt. Mam René sengem Geschéck fir Ambiance an Dekor läit et op der Hand, dass hien och hei säi Pefferkär bäileet. Nit nëmme këmmert hie sech ëm d'Kostümer an de Maquillage vun den Acteuren. Hien entwerft a moolt och groussaarteg Kulissen, déi den Neien Theater aus der Stad motivéieren, him en Optrag ze gi fir d'Bünebild vun hirem Musical vu 1980 „Hopp Marjänn" ze gestalten.

Manner spektakulär mee op d'mannst grad esou wäertvoll sinn dem René seng vill Bäiträg zur Verschéinerung vum Duerf. Sou stamen z.B. d'Schëlter mat de Stroossennimm aus senger Fieder. A sengem Atelier sinn d'Hellegestatuen aus der Parkierch restauréiert a nei vergëllt ginn. D'Renovéierung vun der Kierch ass no sengen Zeechnungen ausgefouert ginn. Wéi schonn ernimmt, ass d'Keramiksdier vum Tabernakel e Wierk vum René, grad wéi eng Partie vun

den neie Kierchefënsteren. Och d'Morgue um Kierfecht ass no sengem Entworf entstanen.

1982 publizéiert de René am Optrag vum lokale Syndicat d'Initiative e Buch mam Titel „Useldingen - Ein Dorf stellt sich vor". Déi opwänneg recherchéiert Chronik gëtt en opschlossräichen Abléck an d'Geschicht an d'Architektur vun deem Duerf, dat him sou um Häerz läit.




Useldinger Stroossennimm – Een Entworf vum René Frisch



Extrait vun der Verglasung an der Useldinger Morgue




Dekoren an der Useldinger Kierch




Cabaret Uselding 1981 – De René op senger selwer gebauten Harf am Tschaikowsky sengem „Schwanensee" (Foto: Armand Martiny)

## Life is a Cabaret...

